N° 7353
Entrée le 09.12.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 12.12.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/12/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet & Interieur weiderzeleeden.**

De 6ten Dezember koum et zu Kayl zu engem tragesche Brand, bei deem ee Kand ëm d'Liewe koum an 10 weider Persoune verletzt goufen. D'Autoritéiten hunn ugekënnegt, d'Brandursaachen z'iwwerpréiwen. Wéi RTL schreift, soll de Miess- an an Erkennungsdéngscht d'Ursaach vum Brand erausfannen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéini schätzen d'Ministeren, dass dës Analyse vum Miess- an Erkennungsdéngscht ofgeschloss wäert sinn?
   Ass de Minister bereet, dës Analyse och an der zoustänneger Chamberkommissioun ze presentéieren?

2. Wäert och eng Analyse gemaach ginn iwwert d'Aarbecht vun de Rettungsdéngschter? Wat manner gutt funktionéiert huet deen Dag? Wat gutt funktionéiert huet?

3. Ass d'Ministesch bereet och dës Analyse an enger Chamberkommissioun ze presentéieren?

4. Mengen Informatiounen no huet de CGDIS zu Kayl keng DLK-Leeder (Drehleiter mit Korb) gehat fir z'intervenéieren.
   - Kann d'Ministesch bestätegen, dass de CGDIS zu Kayl keng DLK-Leeder huet?
   - Hat de CGDIS virdrun eng Leeder? Wa jo, wéini gouf decidéiert dës Leeder un een aneren Zenter ze ginn?
   - Wéi een Zenter huet dës Leeder bei d'Feier bruecht?
   - Wéi laang huet et gedauert bis déi Leeder do war?
   - Wéi laang soll dësen Trajet soss daueren?

5. Wéi vill huet ee Pompjescamion mat DLK bei der leschter Bestellung kascht?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

**Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, an dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet, Henri Kox, op d'parlamentaresch Fro n°7353 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen zum Sujet "Incendie à Kayl"**

**Fro 1**

D'Police technique sicht, prélevéiert an dokumentéiert Spueren am Kader vun eventuelle Strofdoten, déi dozou bäidroen, d'Wourecht erauszefannen. Dës Feststellunge ginn a Form vun engem Bericht un d'Autorité judiciaire geschéckt an ënnerleien dem Secret d'instruction.

**Fro 2**

Sou wéi et beim CGDIS bei gréisseren a speziellen Asätz üblech ass, wäert och an dësem Fall e sougenannte "Retour d'expérience" gemaach ginn.

**Fro 3**

Am Fall vun enger nationaler Katastrof oder Kris, wéi dem Héichwaasser 2021 oder der Pandemie, ass et néideg dass d'Regierung der Chamber déi gefroten Explikatioune gëtt. An dësem Fall ass dat nët néideg well kee nationale Kriseplang déclenchéiert gouf.

**Fro 4**

Laut den Informatioune vum CGDIS ass am Centre d'incendie et de secours (CIS) Kayl-Téiteng säit Juni 2021 keng Dréileeder (DLK), resp. Teleskopmast (TMF) méi stationéiert. De CGDIS huet am Ganzen 19 dëser Gefierer am Land verdeelt, dovu 6 an der Zone de secours Süden. Beim Feier an der rue du Commerce zu Kayl de 6. Dezember sinn an enger éischter Phas den TMF vum CIS Schëffleng an d'DLK vum CIS Diddeleng an den Asaz komm. Den TMF vu Schëffleng war 16 Minutten no der Alarméierung op der Asazplaz ukomm. Laut dem Plan national d'organisation des secours (PNOS) gëtt d'Asazplaz bei 80% vun den Asätz a manner wéi 20 Minutte vun enger DLK oder TMF erreecht, dëst besonnesch am urbane Raum, wou et och méi héich Gebaier ginn. Bannent 30 Minutten ass an 99% vun de Fäll en Hubrettungsgefier op der Plaz.

**Fro 5**

Den Duerchschnëttsakafspräis vun enger DLK läit bei ronn 650.000 Euro htva.

Lëtzebuerg, den 27. Dezember 2022
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding